Echternach	09.00	Mass St Ehel Marcel a Gerda Pundel-Spaniol an Ehrendechant Marcel Pundel
Junglinster	18.00	Stëll Anbetung
	18.30	Kanner- a Familljemass
Moersdorf	18.30	Mass



8. Sonndeg am Joereskrees C

Lk 6,39-45

Fuessonndeg

Samschdes 01.03.

Echternach	09.00	Mass (Muttergotteskapell)
Echternach	15.00	Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
Berdorf	16.30	Kannergottesdéngscht
Beaufort	18.00	Kannergottesdéngscht
Breidweiler	18.00	Viowendmass
Mompach	18.00	Viowendmass Ad Osweiler
Gonderange	18.30	Viowendmass
Echternach	18.30	Viowendmass op Meenung DLHN / 10. Jm Jos Petesch

Sonndes 02.03.

Girsterklaus	09.00	Mass
Altrier	09.00	Mass z. E v. h. Matthias
Echternach	09.00	Mass René Hoscheid / op Meenung JJ
Echternach	10.30	Mass fir d'Par / Marianne Bischof
Rospport	10.30	Mass mat Elementer fir d'Fuesend
Junglinster	10.45	Mass Marcel a Jean Beck / St Fam Wies-Wagner a Wies-Gallion
Girsterklaus	15.30	Rousekranz
Echternach	18.30	Owesmass mat der Firmjugend

Méindes 03.03.

Echternach	09.00	Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger
------------	-------	--

Dënschdes 04.03.

Echternach	09.00	Mass op Meenung WM
Osweiler	09.30	Mass
CIPA-Consdorf	10.30	Mass
Junglinster	18.00	Date mat Gott (Parzenter)
Rodenbourg	18.30	Mass

"Die Frömmigkeit und die Fröhlichkeit
gehören innerlich zusammen"

Alfred Delp

Ufank vun der Faaschtenzäit

Mëttwochs 05.03. Äschermëttwoch

Gedenke Mensch, dass du Staub bist...

Bekéier dich, a gleef un d'Evangelium !

Echternach	09.00	Mass mat Ausdeelen vum Äsche Kräiz (Basilika)
Girsterklaus	14.30	Rousekranz
Girsterklaus	15.00	Mass mat Ausdeelen vum Äsche Kräiz duerno Barmhärzegkeetrousekranz an Anbetung
Berdorf	18.00	Kannermass mat Ausdeelen vum Äsche Kräiz
Junglinster	18.30	Mass mat Ausdeelen vum Äsche Kräiz

Donneschdes 06.03.

Echternach	09.00	Mass Fam Metz-Blanpain
Echternach	18.30	Kräizwee
	19.00	Vesper

Freides 07.03.

Echternach	09.00	Mass op Meenung FPMP duerno Stëll Anbetung bis 10.00 Auer
Herborn	18.30	Mass

Bekehre dich,
wähle das Leben,
verlass dich
auf deinen Gott!
Bekehre dich,
höre auf Gottes Wort,
lass dir von ihm sagen,
worauf es jetzt ankommt!
Bekehre dich,
orientiere dich neu,
frage dich,
wofür du lebst!

Bekehre dich,
brich auf, lass nicht
alles beim Alten, wage
einen Neuanfang!
Bekehre dich,
werde kritisch,
unterscheide,
was trägt und was trügt!
Bekehre dich,
suche und finde
deinen Gott in
nächster Nähe!

Paul Weismantel

1. Faaschtesonndeg C

"Invocabit"

Lk 4,1-13

Samschdes 08.03.

Echternach	15.00	Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
Berdorf	16.30	Kannergottesdénischt
Beaufort	18.00	Kannergottesdénischt
Born	18.00	Virowendmass Jos Hein a Kanner
Godbrange	18.30	Virowendmass St Fam Peffer-Walch
Echternach	18.30	Virowendmass op Meenung IS
Echternach	20.00	Messe de la communauté portugaise

Sonndes 09.03.

Girsterklaus	09.00	Mass
Echternach	09.00	Mass
Echternach	10.30	Mass fir d'Par / St Aloyse Ernzer a Marguerite Wagner a Fam
Rosport	10.30	Mass St Albert Schmit
Junglinster	10.45	Mass St Fam Herzog-Hoffmann
Girsterklaus	15.30	Rousekranz
	16.00	Andacht
Echternach	18.30	Owesmass

Ohne Wenn und Aber

Wer sich auf den Weg macht
 der wird ein bisschen einsamer
 und der braucht
 die Einsamkeit
 um das zu finden
 was wesentlich ist
 der braucht
 die Kargheit der Wüste
 die Zeiten der Stille
 das Dunkel der Nacht
 um zu erfahren

was wirklich ist
 wer sich auf den Weg macht
 der braucht
 das Suchen - die Mühe - das Fragen

... der geht los
 weil er das Leben will
 ohne wenn und aber

Andrea Schwarz

Impressum Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord

Oploo: 3000 Ex., kënnst ca 8 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.
De nächste Parbréif kënnst de 9. Mäerz 2025 eraus a geet bis den 13. Abrëll 2025.

Redaktiounsschluss 21. Februar 2025

Kontakt

Francis Erasmy, Paschtouer a Moderateur, ✉ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 📧 ferasmy@pt.lu

Carlo Morbach, Paschtouer, ☎ 621 197083 📧 carlo.morbach@cathol.lu

Luc Schreiner, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052

Anise Metz, Parassistentin, ☎ 720149 📧 aimetz@pt.lu

Josiane Mirkes, Parassistentin, ☎ 621263256 📧 josiane.mirkes@education.lu

Luc Zimmer, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,
☎ 26720376, 📧 luc.zimmer@cathol.lu

Konto Parbréif: BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000
(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149, 📧 iechternach@cathol.lu

De Parbüro ass op vu Dënschdes bis Donneschdes 10.00-12.00 Auer
oder op Rendez-vous
vum 23.12.24-06.01.25 as de Parbüro zou
iwwe Telephon si mir ereechbar.

Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster, ☎ 780043

Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer
(de Büro ass zou an de Schoulvakanzen)

Konto Massintentiounen:

BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000
Kierchefong C.T./ Reg Iechternach

Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer

**Um Internet:**

eist **Parliwen** fannt Dir op: cathol.lu/iechternach
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: basilika.lu
d'**Lënster Kierch** fannt Dir op: lensterkierch.lu

Liestipp...

Martin Werlen

Raus aus dem Schneckenhaus!

Nur wer draußen ist,
kann drinnen sein

Verlag Herder Freiburg 2020, 176 Seiten, 20,00 €.



„De Kardinal vu Köln ass gestuerwen. Säi Papagei, deen hien all Moien am Büro mat ‚Gudde Moien Eminenz‘ begréisst huet, koum op Roum bäi de Poopst. Do huet de Papagei dann och all Moien de Poopst, wann hien a säi Büro koum, mat ‚Gudde Moien Eminenz‘ begréisst. Natierlech huet den Entourage vum Poopst alles gemaach, fir de Papagei derzou ze beweegen ‚Gudde Moien Hellege Vater‘ ze soen. Näischt huet gehollef. „Wéi wier et, hellege Vater, wann dir mar de Moien a vollem Ornat an de Büro géift goen? Vlächgt géif de Papagei sech da rasonéieren an iech korrekt begréissen“, huet et geheescht. Den nächste Moien ass de Poopst héich feierlech gekleet a säi Büro komm. De Papagei huet ee Moment gebraucht an huet du geruff: ‚Kölle Alaf, Kölle Alaf‘.

Dése Witz, deen de Martin Werlen och

zitéiert, beschreift eigentlech ganz gutt, wourëm et a sengem Buch geet. Wat ass ee Pharisäer? An der Bibel sinn si eng Grupp vu Leit, déi ëmmer nees erwäänt ginn. Dachs gebraucht de Jesus si als negativ Beispiller fir reliésen Äifer.

De Martin Werlen geet a sengem Buch op d’Sich no de Pharisäer vun haut. Hien hält eigentlech eis allen, vum Poopst bis bäi deen einfache Chrëscht oder Kierchemember, ee Spigel vir. Sinn ech selwer ee Pharisäer? Jo, ech ka vu mir soen, dass ech duerchaus och des Èfteren ee Pharisäer sinn!

Pharisäer si Leit, déi alles versiche korrekt ze maachen. Awer dacks ass ausser enger schéiner Façade net vill Inhalt do. An eiser Kierch ass dat leider eben iwwehall och de Fall. Ritualer mussen méiglechst korrekt agehale ginn. Méiglechst laang Gebieder mussen erof gebiet ginn. Op Ènnerlechkeet gëtt dacks dobäi kee Wäert geluecht. De Martin Werlen geet dättelech an d’Gericht mat eiser dach heiansdo komescher Manéier fir eis Relioun ze liewen. Villes, sou seet hien, ass schéi Façade. Wann ech grad haut jonk Priister gesinn, déi sech erëm menge missten of ze setze vum Vollek, an sech erëm definéieren duerch hier Kleedung, déi aus der Zäit gefall ass, muss een sech scho froen, ëm wat et hinnen, jo eis allen, an der Kierch geet. A wann ech (entschëllegt den Ausdrock) d’Maskarade bäi der Schlusspressessioun, der Sprangpressessioun an anere Geleeënheete vu munche Kleriker gesinn, da muss ee wuel mam Papagei ruffen: ‚Kölle Alaf!‘

Ass dat nach eis Kierch vun haut? Ass dat Glawen? Jo, de Martin Werlen huet mech perséinlech och a Villem a Fro gestalt. Hie stellt d’Hierarchie vun der Kierch a Fro. Hie kritiséiert dat almoudescht Verhale vu Kleriker. Mä hie stellt awer och Ufroen un eis all als Gemeinschaft. Och an eisen Dierfer leeft dëst Pharisäertum monter

weider. Wa mir nëmmen eist Duerf kenne, nëmmen op eis selwer kucken asw, si mir als Chrëschten och Pharisäer.

Mat grousser Freed hunn ech dëst Buch gelies. De Martin Werlen geet mat esou munche Mësstänn an eiser Kierch ganz kreativ an d'Gericht. Ech war erstaunt, wéi däitlech seng Siicht ass. En huet ausgeschwat, wat ech scho vill Jore fillen. D'Buch léist een iwver vill Froen an eiser aktueller kierchlecher Situatioun nodenken. Mir sollten eis all ganz éierlech de Froe stellen. Mir all, Kleriker wéi Chrëschten allgemeng, mussen aus eisem Schleeckenhaus eraus. Et geet vläicht dann och nëmme lues weider, ebe wéi ee Schleek. Awer et kann nëmmen dann eng Zukunft ginn. ‚Kölle Alaf‘, rifft de Papagei, wéi hien de Poopst a senger ganzer Pruecht gesäit. Froe mir eis, wéini bäi eis, de Papagei misst ‚Kölle Alaf‘ ruffen!

Wolfgang Beinert, Die Form der Reform Anmerkungen zur Lage und Lehre der Kirche

Verlag Friedrich Pustet, Regensburg 2024
240 Seiten, 24,00 €.



De gudden alen Heraklit huet scho gesot, dass alles a Bewegung ass, dass déi eenzeg Konstant am Universum d'Veerännerung

wier. Wa mir éierlech sinn a mat oppenen Aen op eist Liewe kucken, da gesi mir, wéi wouer dat ass. Eist ganz Liewen ass Verännerung. All Dag kënt Neies op eis zou. D'Veerhältnisser vun eisem Dosinn an der Welt wiesselen heiansdo ganz séier. Mol sinn et freedeg Momenter, déi eis Gléck bréngen, mol sinn et awer och traureg Saachen, déi eis an eng Kris geheien. Wéi séier eist Liewen sech ka verännere, mierke mir da, wa Krankheeten eis vun engem Abléck zum aneren aus der gewinnter Bunn eraus geheien. Dann heescht et, sech ganz séier deene verännerte Verhältnisser un ze passen. Den Drang, fir säi Liewen ze erhalen, léist ee ganz séier zur Vernunft kommen an et passt een sech deem un, wat gefrot ass, fir d'Gesondheet erëm méiglechst gutt hier ze stellen. Ech selwer hunn dat an deene leschte Wochen a Méint erlieft. Hei geet et dann och net ëm Courage oder sou. Hei geet et drëm, dass ee säi Verstand aschalt an dat mécht, wat d'Situatioun erfuerdert. Et geet drëm ze handeln, sech an ze setzen an ze hëllef, dass d'Kris an d'Krankheet kann iwverwonne ginn. Kloer Verstand also ass do wichteg, net Kloen a Jéimeren, mä en oppene Bléck fir dat, wat am Moment wichteg an noutwenneg ass.

„Déi eenzeg Konstant am Universum ass d'Veerännerung.“ Den Heraklit huet richtig erkannt. Beim Ale stoe bleiwe, geet net. Et klëmmt een net zweemol an dee selwechte Floss, wéi hie seet. Kloen a Jéimeren iwver ee Verloscht muss een och iwverwannen, wann ee wëll aus der Noutsituatioun eraus kommen. Eist Liewen ass permanent a Verännerungen agebonnen a mir mussen eis kloer a mat seriésem Verstand domat ausenansetzen.

An deene leschte Joren hu mir gesinn, dass eis Kierch ëmmer méi an eng Kris geroden a krank ginn ass. Iwver eng vill ze laang Zäit sinn d'Symptomer vun der Krankheet net wouer geholl ginn. Et ass net an d'Déift gekuckt ginn. Keen Ultraschall, kee PetScan

ass gemaach ginn. De Patient Kierch ass ëmmer méi krank ginn, well keen der Realitéit an d'Ae gekuckt huet.

„Ecclesia semper reformanda“ kléngt et zënter Joerhonnerten an eiser Kierch. Awer grad an deene leschten 200 Joer ass dëst Prinzip ëmmer méi a Vergiess geroden. Festhalen an deem, wat ass a war, war déi Devise, déi net huet dierften ëmgestouss ginn. Wann ee kuckt, wat grad an deene leschte gutt 200 Joer an der Kierch alles gemaach an dekretéiert gouf, fir dass sech nëmmen näischt sollt änneren, muss et engem einfach schlecht ginn.

Iwwer déi onséileg Definitioune vun an ëm dat éischt vatikanesch Konzil (Onfeelbarkeet vum Pöpst, Dogma iwwer d'onbefléckt Empfängnis vu Maria), iwwer den Anti-Modernismus-Eed, iwwer déi onverstänneg Dogmatiséierung vum Ophuele vu Maria mat Läif a Séil an den Himmel, iwwer d'Enzyklika „Humanae Vitae“, hin zu dem absoluten Zoumaache vum Dossier vun der Wei vun der Fra duerch de Pöpst Jean-Paul II., si ganz einfach d'Zeeche vun der Zäit net erkannt ginn. D'Welt, d'Erkenntnis, d'Wëssenschaft a Villes méi hunn sech drastesch verännert. D'Kierch, déi sech jo eigentlech ëmmer nees sollt erneieren a reforméieren, bleift stoen, leent of, wëll net gesinn. D'Kierch steet awer net ausserhalb vun der Welt an dem Liewe vun de Mënschen. Si ass, wann si nach wëll eng Relevanz hunn, an der Welt an esou och deem Prinzip, dat den Heraklit formuléiert huet, ënnerworf. Nëmme Verännerung bedeit Liewen!

Wann de Mënsch krank ass a sech a senger Krankheet aschléisst, si net wëll wouer hunn, ass et schwierig gesond ze ginn. D'Kierch mécht bis haut genee dat. Wann ech als Mënsch eng Infektioun am Kierper hunn, da muss ech déi geziilt mat deenen neiste Mëttel a Methode bekämpfen. An der Medezin géif haut keen op d'Iddi kommen, fir mat mëttelalterleche Methoden ze schaffen. Eis Kierch mécht dat. Si huet

eng grouss Unzuel un Infektiounen. Si sinn all bekannt. Mä mir setze weider op al Konzepter. Dat bedeit den Dout vum Patient Kierch, onweigerlech!

De Wolfgang Beinert analyséiert a sengem Buch mat grousser Präzisioun de Patient Kierch. Hien detektéiert déi eenzel Infektiounen. Hie beschreift si a versicht ze klären, duerch wat si ausgeléist goufen an nach ëmmer ginn. Vill Problemfelder ginn ugeschnidden an dann och Ureegungen ugebueden, wéi een dem Patient Kierch béi der jeeweileger Infektioun kéint hëllefen. Hei geet et ganz däitlech net drëm, fir de Patient dout ze maachen oder aus ze tauschen. Wann ee Mënsch krank ass, da gëtt d'Krankheet bekämpft mat deene probate Mëttelen. Genau dat proposéiert de Beinert och a sengem Buch. Präzis a cibléiert mussen déi jeeweileg Infektiounen am Patient Kierch detektéiert a mat entspreichenden Therapië bekämpft ginn.

De Patient Kierch muss an d'Spidol, op den Operatiounsdësch. Vläch muss dat eent oder anert Organ am Kierper ausgetosch ginn. Jiddefalls brauch d'Kierch en neit Häerz, een Häerz aus Fleesch, an net aus Steen, dat dann och matfille ka mat de Suergen an den Ängscht vun alle Mënschen. („Ich gebe ihnen ein einmütiges Herz und einen neuen Geist gebe ich in euer Inneres. Ich entferne das Herz von Stein aus ihrem Fleisch und gebe ihnen ein Herz von Fleisch.“ Ez 11, 19) An der Medezin ass haut extreem Villes méiglech. Ech sinn iwwerzeugt, dass een och dem Patient Kierch kann hëllefen. Mä de Patient a virun allem *säi Kapp (Pöpst, Bëscheef, Priister) muss déi aktuell Krankheet gesinn, unhuelen a wëlle bekämpfen.*

Dem Wolfgang Beinert säi Buch misst jidderee liesen, dee wëll, dass de Patient Kierch erëm zu Kräfte kënt.

Carlo Morbach

Hëllegt Joër 2025

Das Heilige Jahr (lateinisch annus sanctus) oder Jubeljahr (lateinisch annus iubilaeus) ist ein besonderes Ereignis in der katholischen Kirche und wird alle 25 Jahre gefeiert. Ziel des Heiligen Jahres ist es, die Gläubigen zur Erneuerung ihres Glaubens und zur Vertiefung ihrer Beziehung zu Gott aufzurufen. Das Heilige Jahr 2025 steht unter dem Motto „**Pilger der Hoffnung**“. Papst Franziskus hat es ausgerufen, um in Zeiten von Kriegen und globalen Krisen eine Zeit der Besinnung und Erneuerung zu schaffen.

„Wir müssen die empfangene Hoffnungsfackel weiter brennen lassen und alles tun, damit alle wieder die Kraft und die Gewissheit zurückgewinnen, um mit offenem Geist, Zuversicht und Weitsicht in die Zukunft zu blicken“ Papst Franziskus

Das Heilige Jahr 2025 beginnt mit der Öffnung der Heiligen Pforte in der Heiligen Nacht am 24. Dezember 2024. Einige Tage nach der Eröffnung des Heiligen Jahres in Rom und der Öffnung der Heiligen Pforten in den vier Papstbasiliken wird das Heilige Jahr in den Erzbistümern und Bistümern der Welt eröffnet. Bei uns passiert das **am 12. Januar 2025** mit einem feierlichen **Gottesdienst in der Kathedrale**.



Das Logo repräsentiert vier stilisierte Figuren, die auf die Menschheit hinweisen, die aus den vier Ecken der Erde stammt. Sie umarmen sich gegenseitig, um die Solidarität und Brüderlichkeit zu betonen, die die Völker verbindet. Der Reihenöffner klammert sich an das Kreuz. Es ist nicht nur ein Zeichen für den Glauben, den es umarmt, sondern auch für die Hoffnung, die niemals aufgegeben werden darf. Die Wellen, in denen sich die Figuren bewegen, sind aufgewühlt, um zu zeigen, dass man auf dem Pilgerweg des Lebens nicht immer in ruhigen Wassern geht. Oft verlangen die persönlichen Schicksale und die Ereignisse in der Welt den Ruf nach Hoffnung mit größerer Intensität. Deshalb ist es wichtig, den unteren Teil des Kreuzes zu betonen, der sich verlängert und zu einem Anker wird, der sich der Wellenbewegung entgegenseht. Bekanntermaßen wurde der Anker oft als Metapher für die Hoffnung verwendet. Tatsächlich ist der "Anker der Hoffnung" der Name, den man im seemännischen Fachjargon für den Reserveanker verwendet, der von Schiffen für Notmanöver benutzt wird, um das Schiff während der Stürme zu stabilisieren. Nicht zuletzt zeigt das Bild, dass der Weg des Pilgers keine individuelle, sondern eine gemeinschaftliche Angelegenheit ist, die von einer wachsenden Dynamik geprägt ist, die immer mehr zum Kreuz hinstrebt. Letzteres ist keineswegs statisch, sondern ebenso dynamisch. Es beugt sich der Menschheit entgegen, als ob es ihr entgegenkäme und sie nicht allein ließe, indem es die Gewissheit der Gegenwart und die Sicherheit der Hoffnung bietet. Gut sichtbar ist schließlich in grüner Farbe das Motto des Jubiläums 2025: Peregrinantes in Spem.

Dimanche de la Parole de Dieu

L'acquisition récente par la Bibliothèque nationale de Luxembourg d'un manuscrit datant du 11e siècle et originaire de l'Abbaye St-Maximin à Trèves manifeste l'intérêt nationale pour les ouvrages d'une beauté inestimable produits avec l'expertise du Scriptorium de l'Abbaye d'Echternach. Il s'agit d'une Bible géante, destinée à la lecture liturgique. Devenue un objet culturel, bibliophile, de premier ordre du patrimoine du Luxembourg, cette Bible, comme le *Codex aureus epternacensis* et le *Codex aureus escorialensis*, témoigne de l'estime et de la révérence que les moines ont accordé aux Saintes Écritures.

Le Dimanche de la Parole de Dieu fut institué par le Pape François en 2019. Selon lui, la fréquentation constante de l'Écriture Sainte et la célébration de l'Eucharistie rendent possible la reconnaissance entre personnes qui s'appartiennent. Ce jour consacré à la Bible veut être non pas « une seule fois par an », mais un événement pour toute l'année, parce que nous avons un besoin urgent de devenir familiers et intimes de l'Écriture Sainte et du Ressuscité. C'est pourquoi nous avons besoin d'entrer constamment en confiance avec l'Écriture Sainte, sinon le cœur restera froid et les yeux resteront fermés. (*Aperuit illis 8*)



Dans la continuité des initiatives prises par la Paroisse St-Willibrord de la Région d'Echternach depuis lors,

l'équipe pastorale propose des lieux de lecture et d'approfondissement communautaires de l'Évangile selon Saint Luc. En effet, c'est ce troisième des quatre évangiles qui constitue la ligne conductrice de l'année liturgique C qui a commencé le premier dimanche de l'Avent. Plus est : il propose aux lecteurs un parcours de formation pour ceux qui, témoins de la bienveillance divine, deviendront des serviteurs de la parole.

En voici un premier aperçu des initiatives de la paroisse :

- La célébration du Dimanche de la Parole de Dieu dans les communautés de la paroisse : les 18 et 19 janvier dans la Basilique d'Echternach et les 26 et 27 janvier dans d'autres églises de la paroisse.
- La lecture partagée et complète, d'un bout à l'autre, de l'Évangile de Luc dans la crypte de la Basilique le vendredi 24 janvier de 18.30 h à environ 23h30 h
- Une initiation à la lecture de Luc, fournissant des clefs de lectures : le lundi 3 février de 19.30 h à 21.30 h dans le Vereinsbau (rue des Demoiselles)
- Une série de 18 soirées (entre février et novembre 2025) visant l'approfondissement, section par section de l'évangile de Luc.

En plus des célébrations eucharistiques, qui comportent toujours l'écoute priante des passages des Saintes Écritures, on aura l'occasion de célébrer l'écoute de la Parole de Dieu dans le chant des vêpres le jeudi soir dans la Basilique à 19.00 h, suite à l'adoration du Saint Sacrement (à partir de 18.30 h).

Invitation cordiale à toutes et à tous. Vous en trouverez le détail dans le bulletin paroissial.

Thomas P. Osborne

Liesowend an der Basilika

Mir liesen dat ganzt Lukasevangelium

eng ganz besonnech Erfahrung, wéi mir et déi lescht Joeren och mam Matthäus- a mam Markusevangelium erlieft hunn

Freides 24. Januar | 18-24 Auer | Krypta

Eng häerzlech Aluedung fir jiddereen
Bréngt w.e.g. Är Bibel mat!



Statue des Hl. Lukas
Atelier Greeff
ehem. Kapelle Eisenborn,
heute Parzenter Junglinster
Foto: Tom Osborne

Lukasevangelium entdecken

*eng Konferenz-Aféierung an d'Liese vum
Lukasevangeliums*

mam Prof. Tom Osborne

Méindes 3. Februar | 19.30 Auer
Veräinshaus Iechternach
passage des Demoiselles

Bibelowender Lukasevangelium

*Eine Reihe von Treffen bei denen wir das Lukas-
evangelium vertiefen und in den Dialog mit unserem
heutigen Leben bringen, jeweils montagsabends
zwischen Februar und November 2025*

1. Treffen:

Méindes 10. Februar
vun 19.30 - 21.30 Auer
Veräinshaus Iechternach

Diese Angebote werden von einem Team unter
der Leitung von Prof. i.R. Thomas P. Osborne in
Luxemburgischer Sprache gestaltet.



05.01.2025

Concert | 17:00
Ensemble Vocal
Les Enchantées

orgue: *Jos MAJERUS*

02.02.2025

Concert | 17:00
Airs d'opéras baroques françaises
Ensemble Ad Libitum

Isabelle Felten-Azzolin, mezzo
Olivier Nilles, baryton
Aurélie WENZEL, Caroline
REUTER, Johanna WEIRICH, violon
Noah MAYER, viola
Beate WINS, viola da gamba
Leonor SÁ, basse de violon
Rosch MIRKES, clavecin

Oeuvres de Lully, Rameau



Reservierungen nur durch
Anruf unter:
Réservations uniquement
par appel au :

(+352) 621 375 295

Mehr Informationen unter:
Pour plus d'informations :

LensterKierch.lu



> **Unterstützen Sie uns!** Konto: « **Les Amis de l'Église de Junglinster** » Vermerk « **Mitgliedskarte 2025** » (min. 10€) **CCRALULL | IBAN LU43 0099 7800 0027 3540** oder scannen Sie bitte diesen QR-Code um über Payconiq zu spenden.



09.02.2025

Concert | 17:00
 Choeur de Chambre du Conservatoire de Luxembourg, solistes, orchestre

dir. : Pit Nimax



16.05 - 18.05.2025

Exposition
 Ausstellung Ons Mamm vu Lëtzebuerg am Kader vu 400 Joer Oktav

Kleeder a Bijoue vun eiser Lënster Muttergottes-Statu



18.05.2025

Concert | 17:00
 Ons Mamm vu Lëtzebuerg
 Chorale Sainte-Cécile Jonglënster

30.03.2025

Concert | 17:00
 Pueri Cantores Luxembourg

dir. : Pit Nimax



15.06.2025

Concert | 17:00
 Quatuor de Cors

Steve Boehm, Jean-Paul Braun, Christophe Frisch, Jonathan Rongvaux

> **Soutenez-nous!** Compte « **Les Amis de l'Église de Junglinster** » avec la mention « **Carte de membre 2025** » (min. 10€) **CCRALULL** | **IBAN LU43 0099 7800 0027 3540** ou scannez s.v.p. ce code QR pour faire un don via Payconiq.

Dëst & dat...

Parbüro a Massbestellungen

de Parbüro ass zou vum **23.12.24 bis den 06.01.25**

Le bureau paroissial est fermé du 23.12.24-06.01.25.

Iwwer Telephon si mir ëmmer ereechbar.

Wann Dir eng Mass wëllt bestellen, da schwetzt w.e.g. als éischt mat engem aus dem Pastoralteam oder meld lech am Parbüro. Mir notéieren Är Intentiounen an eventuell den Datum vun der Mass. Erréischt dono kënn dir dann deen entspreichenden Geldbetrag op eise Konto fir Massbestellungen iwwerweisen.

Parbreif per Poste / mail

Dir hutt d'Méiglechkeet, de **Parbréif per Post oder per Mail** geschéckt ze kréien. Per Post froe mir e Bäitrag vun 30 €. Mellt lech weg am Parbüro (iwwer Tel. oder Mail) an deelt eis Är Coordonnee mat (Numm, Adresse): Parbüro: 720149 - iechternach@cathol.lu .

Bollendorf-Bréck

Härzlechst Invitatioun op eng Uucht teschend Advent a Chreschttag.

Mary's Singers: Frenn v.d. Chorale Biver-Hemstal

Sonndes den 22.12.24 um 16.00 Auer
an der Kierch zu Bollendorf-Bréck.



Lënster Musek

invitéiert op hiere "Turbulente Galaconcert - Voyage Voyage Samschdes, 18.01.25 um 19.30 Auer am Centre Polyvalent Gaston Stein

Reservatiounen ab dem 2. Januar : All Owend téschent 19:30 a 20:30 per Telefon : 621 77 29 43 oder Email : reservation@lenstermusek.lu

Ticketen: 15 Euro / Studenten a Kanner 10 Euro

Generalversammlungen

- **Fraen a Mammen Iechternach**

Donneschdeg 16.01.2025 ëm 20.00 Auer am Veräinshaus.

- **Willibrordus-Bauverein,**

Donneschdeg, 13.03.2025 ëm 20.00 Auer am Veräinshaus

Firmvirberedung fir déi Erwuessen

dëst Joër proposéieren mir och eng Firmvirberedung fir Erwuessener. Wann Dir dorun interesséiert sidd, da meld lech bei engem Member vum Pastoralteam oder am Parbureau, Tel.: 720 149 email: iechternach@cathol.lu

Cette année nous proposons une préparation à la confirmation pour les adultes.

En cas d'intérêt, prenez contact avec un membre de l'équipe pastorale ou contactez le bureau paroissial, tel.: 720 149 mail: iechternach@cathol.lu



Um Wee vum Glawen... Firmung ?

Léif jonk Frënn,

Wann Dir gedeeft sidd, an d'Kommioun gemaach hutt, feelt nach just d'Firmung fir ganz zu der Gemeinschaft ronderëm de Jesus ze gehéieren. **Déi nächst Firmung ass Samschdes, de 5. Juli 2025**, fir all déi Jugendlech déi virun 1. September 2009 gebuer sinn. Och Dir sidd hærzlech agelueden.

Mir treffen eis an der Schoulzäit dënschdes, ofwiesselend zu Iechternach um 18.00 Auer an der Basilika oder um 18.00 Auer zu Lënster am Parzenter am Kader vum Date vu Gott fir eis virzebereeden op d'Firmung.

Dir kënt lech um Site vun der Par den Umeldungsformular eroflueden fir lech unzemellen. Sollt Dir Froen hunn, rufft um Parbüro um Telefon 720149 un oder schwätzt mat engem Member vum Pastoralteam.



Josiane Mirkes



Date mat Gott

Gebietsmoment fir Jugendlecher

Den Date ass och eng Virbereedung op d'Firmung!

Déi nächst Treffte sinn:

Iechternach 18.00 Auer an der Basilika:

07.01.25 - 28.01.25 - 25.02.25 - 18.03.25

Lënster 18.00 Auer am Parzentrum (15, rue du Village)

14.01.25 - 04.02.25 - 04.03.25 - 25.03.25

Catéchèse en Paroisse

Luc Zimmer, Titularkatechet, ☎ 26720376
 Parbüro: ☎ 720 149 📧 iechternach@cathol.lu



Gottesdénsgchter fir Kanner

- zu **Bäerdref** an der Kierch, Samschdes 16.30 Auer Kannergottesdénsgcht
- zu **Befort** an der Kierch, Samschdes 18.00 Auer Kannergottesdénsgcht
- zu **Iechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Lënster** an der Kierch: all Freides ëm 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- An der Gemeng **Rouspert/Mompech**, Méindes ëm 18.00 Auer Kannergottesdénsgcht

An de Schoulvakanzen si keng Kannergottesdénsgchter

D'Lënster Kierchemaisercher...

...ass e Projet fir Kanner aus der Spillschoul a vum Cycle 2.1, all zwou Wochen Freides vun 18.15-19.15 Auer (ausser de Schoulvakanzen). Déi nächst Treffen sinn am Parzentrum vu Lënster (15, rue du Village) den:

10.01.25- 24.01.25 - 07.02.25 - 28.02.25 - 14.03.25

...un projet au sein de l'église, pour les enfants de la Spillschoul et du cycle 2.1, le vendredi, toutes les deux semaines de 18h15 -19h15 (à l'exception des vacances scolaires), au centre paroissial de Junglinste (15, rue du village). Prochaines dates:

10.01.25- 24.01.25 - 07.02.25 - 28.02.25 - 14.03.25

Kanner- a Familljegottesdénsgchter op Helleg Owend 24. Dezember

Bech an der Kierch um 11.00 Auer

Lënster an der Kierch um 15.30 Auer

Rouspert an der Kierch um 17.00 Auer

Iechternach an der Basilika um 17.00 Auer

Liichtmëssfeier

All Kanner sinn häerzlechst agelueden fir mat hirer Famill a Frënn un enger Liichtfeier an eiser Par deelzehuelen, mat seene vun de Kanner an hire Lampionen. Heizou hu dir folgend Méiglechkeeten:

Samschdes, 01.02.

Lënster Kierch (Détailer komme no)

Iechternach Basilika (Détailer komme no)

Sonndes, 02.02.

Berdorf Kierch um 15.30 Auer

Bech Kierch um 16.30 Auer

Dat (Vir-) Lescht



Ein Schüler erzählt dem Mathelehrer, er habe in der Zeitung gelesen, dass eine Familie heute im Durchschnitt 1,4 Kinder hätte. Das könne doch nicht sein. Daraufhin erklärt der Lehrer der Klasse die Tücken des Durchschnitts mit einem Scherzbeispiel: „Wenn ein Jäger auf einen Hasen schießt und der erste Schuss links am Hasen vorbeigeht und der zweite Schuss rechts, dann ist der Hase im Durchschnitt tot.“ – „Das stimmt gar nicht“, ruft Hans. „Warum denn nicht“, fragt der Lehrer schmunzelnd. „Weil der Hase nach dem ersten Schuss weggelaufen wäre.“



Der Pfarrer fragt im Religionsunterricht: „Warum sind auf vielen Bildern nur Maria und das Jesuskind zu sehen?“ Da meint der Fritz: „Vermutlich hat Josef geknipst.“

TIM & LAURA www.WAGHNBINGER.de





**Lenster
Kierch**



05.01.25

Concert | 17:00
Ensemble vocal
LES ENCHANTÉES

an der Jonglënster Kierch

orgue: Jos MAJERUS



Mehr Informationen unter:
Pour plus d'informations:
LensterKierch.lu

Entrée : 25€ (Enfants & étudiants gratuits)
Eintritt: 25€ (Kinder und Studenten gratis)

Reservierungen nur durch Anruf unter:
Réservations uniquement par appel au:
(+352) 621 375 295